

EISEN DUERFKÄR ZU BËSCHDREF



No der Biergerbedelegung, iwwerhëlt d'Gemeng Helperknapp déi nächst Etappe vun der Ëmsetzung vun de Projeten déi duerch d'Online-Ëmfro a bei de Workshoppen ausgeschafft goufen.

Als Suite vun der Online-Ëmfro, déi vum 28. Abrëll bis den 11. Mee 2022 gefouert gouf, konnten d'AwunnerInnen vun der Gemeng Helperknapp d'Ëmsetzung vun den Iddien déi an der Ëmfro proposéiert goufe wärend zwee Co-Creation Workshoppe weider ausschaffen.

Déi Projeten, un deenen an dese Workshoppe geschafft gouf, déi realisteschem ëmsetzbar sinn, sinn no enger Selektioun den 11. August 2022 unanime vum Gemengerot ugeholl ginn. Fir bei der Ëmsetzung vun de jeeeweiligen Aarbechte kennen op verschidde staatlech Subsidien zeréck ze gräifen, sinn doropshi weider Etappen ausgeschafft ginn. Déi verschidde Phase vum Projet si bei enger Informationsversammlung den 10. November 2022 den AwunnerInnen am Detail virgestallt ginn.

Rapport iwwer d'Informationsversammlung vum 10. November 2022

Wärend der Reunion vum 10. November 2022 hunn Representante vun der Gemeng, de Buergermeeschter Frank Conrad an de Philippe Chennaux vum Service Technique, an d'Präsidentin vum LEADER Lëtzebuerg West a Gemengeconseillère Christiane Eicher-Karier nach eng Kéier déi verschidden Etappen - ënnert anerem de Sondage, d'Workshoppen an d'Realisatioun vun den ausgeschaffte Projeten - de Leit presentéiert. Am Uschloss kruten d'Leit och d'Méiglechkeeten hir Froen ze stellen, wat zu engem flotten Echange am Sall verleet huet. Am Laf vum Owend ass kloer ginn, dass e Projet vun der Enverguere an eenzelen Etappe muss bearbecht ginn, virun allem well och aner Parteien, wei zum Beispill de Landwirtschaftsministère, an de Prozess musse mat abezu ginn.

D'Renovatioun vum Gebai „Pons&Chaussées“

Duerch seng Gréisst, ass de Projet vun deem Gebai deen, deen als éischt wäert kennen ëmgesat ginn. Well de Verkaf duerch d'Subside vum Ministère net kann

accordéiert ginn, solle lokal Produite vun der Gemeng an den AwunnerInnen op dëser Fläch kënnen deposéiert ginn, dës am Sënn vun enger „anti-gaspillage“ Initiativ.



Dozou kënn och d'Ariichte vun accessibelen, ëffentlech Toiletten, déi duerch eng kleng Annexe hannert dem Gebai vu



baussen zougänglech sinn, an esou och vun de Leit déi sech am Park befanne kenne benotzt ginn. D'Pläng déi vum Laurent Lanners, engem lokalen Architekt, ausgeschafft goufen, bidde schon eng Visualisatioun vun der Ëmsetzung vum Projet fir d'Fläch vu bannen a baussen.

Gebai „A Kanesch“

Duerch d'Gréisst vun deem Gebai, huet de Buergermeeschter erkläert, dass et hei eng Rei Ëmsetzungsméiglechkeete géife ginn. Well et och hei duerch dat aktuell Agrargesetz eng Rei vu Constraintë géif ginn, huet d'Gemeng op Recommendation vum Ministère entscheet dat neit Agrargesetz vun 2023 ofzawaarden. D'Zil wier et, bei esou engem Projet dat meescht aus dem Gebai kënnen erauszehuelen, esou de Buergermeeschter Frank Conrad.


Park „zone verte“

Doduerch, dass de Park aktuell als zone verte agedeelt ass, sinn d'Méiglechkeeten de Moment begrenzt. De Projet, dee proposéiert gouf, gouf dem Ministère de l'Environnement an enger Entrevue mam Philippe Chennaux presentéiert, hei heescht et awer d'Decisioun zum Reklassemment vun der Gréngfläch ofzawaarden, ier weider Demarchë kennen ënnereholl ginn. Kloer ass et, dass esou wei dës Wiss de Moment

klasséiert ass, aus Ëmwelttechnesche Grënn näischt kéint um Terrain adaptéiert ginn. Och am Fall vun engem Reklassemment, missten eng Rei Mesurë respektéiert ginn. Dëst heescht, dass eng Distanz zur Kandelbaach ze respektéieren ass, a keng fix Installatiounen déi am Bëtong mussen agesat si wäerte méiglech sinn, dëst fir d'Proximitéit zu der Natur vun dëser Fläch z'erhalen.

Nächst Etappen

De Startschuss fir d'Renovatioun vum Gebai „Pons&Chaussées“ ass ginn. D'Pläng esou wei eng kloer Oplëschung vun den Ännerungen déi virgesi sinn, goufe beim Ministère agereecht. De Moment wou en Subsidie accordéiert ginn ass, kann d'Ëmsetzung vun de Renovatiounsaarbechten ageleet ginn.



Wat d'Beräicher vum Park an dem Gebai „A Kanesch“ betrëfft, sinn dës Beräicher staark ofhängeg vun Decisiounen déi um Niveau vun den zustännegen Ministère getraff ginn. Trotzdeem gouf och hei duerch de Vott am Gemengerot eng Basis fir béid Projete geschafft.

D'Resultater vun der Online-Ëmfro, d'Rapporten déi vun der Kommunikationsagence brain&more opgestallt goufe wou och Informatiounen zum weideren Oflaf enthalte sinn, ginn op der Internetsäite vun der Gemeng Helperknapp an dem LEADER Lëtzebuerg West verëffentlecht.

Fannt all d'Informatiounen hei:
www.helperknapp.lu/duerfkaer-beschdref/

